



Dir Dammen an Dir Hären, och merci hei nach eng Kéier fir déi breet Zoustëmmung. Datt et wierklech derwäert ass, sech do dee Mount méi Zäit ze ginn, fir nach Léierverträg ze maachen, weist énner anerem déi Experienz aus dem leschte Joer, wou am Mount November nach 300 Léierverträg énnerschriwwen goufen, also 300-mol, wou e Patron an e Jonke sech eens gi sinn, fir zesummen en Apprentissage kënnen ze maachen. An deem Senn soen ech Merci hei fir déi Zoustëmmung, fir dat och dëst Joer virzegesinn.

Woubäi, wa mer dem Rapport vum Rapporteur Gilles Baum gutt nogelauschtet hunn, et dès Kéier wierklech némmen énnert engem anere Virzeeche geschitt: Et ass hei net esou, datt mer vun enger Penurie vu Plaze schwätzen a mer da mussen Entrepriseen iwverzeegen, fir Plazen opzemaachen. Dat war elo e bëssen och vläicht esou erauszhéiere bei mengem direkte Virriedner, dem Sven Clement. Dést Joer hu mer däitlech méi Plaze fräi, wéi mer Kandidaturen hunn, soudatt mer éischter musse kucken, vläicht sektoriell mateneen eens ze ginn, wann een eng Léier an deem enge Beräich wëll maachen, awer éischter nach Léierplazzen an deem anere fräi sinn, fir datt een dann do de Matching kann organiséieren.

An hei bidde mer dès Kéier éischter nach de Patronen d'Chance, en Apprenti ze fanne während deem Mount, wou mer déi leschte Kéieren éischter den Apprentien d'Chance ginn hunn, nach e Patron ze fannen. Émsou méi denken ech, mécht et awer Senn, eis hei dee Mount méi Zäit ze loessen, fir datt d'Leit beineekommen a sech duerno allegueren, alle bëid, kënnen engagéieren an enger hoffentlech erfolgräicher Ausbildung.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Educatiounsmister Claude Meisch. D'Diskussiou ass elo ofgeschloss.

## 8. 7941 – Projet de loi portant approbation du Traité sur la reconnaissance automatique des qualifications de l'enseignement supérieur, fait à Bruxelles, le 14 septembre 2021 (suite)

### **Dispense du second vote constitutionnel**

Bei dem Projet virdrun, beim 7941, hat ech vergiess, no der Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze froen. Duerfir froen ech d'Chamber: Freet d'Chamber bei deem Projet d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 9. 8074 – Projet de loi portant dérogation temporaire au délai de conclusion des contrats d'apprentissage prévu à l'article L. 111-3, paragraphe 4, du Code du travail (suite)

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8074. Den Text steet am Document parlementaire 8074<sup>4</sup>.

### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 8074 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon*

*Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzunge si fir den 18., 19. an 20. Oktober virgesinn.

D'Sitzung ass opgehuewen.

*(La séance publique est levée à 15.43 heures.)*